



wat jo an de Filmer nach ëmmer gäre benotzt gëtt, wa mer vu Geldwäsch schwätzen, a wou d'Banken u sech Demandeur sinn, fir se lasszeginn. Bon, dat ass jo och en Dossier, op dee mer nach eng Kéier zrëckkomme wäerten, deem iwwert déi Nummerekonten an doriwwer, wouhinner déi Suen da solle goen, wa mer esou en Nummerekont hunn, deem inaktiv ass. Dat ass jo och rezent nach an der Press thematiséiert ginn.

An da geet et ëm de Brexit. Bon, fënnef Joer nom Referendum misst jo dann dee leschten OPC tatsächlech Zäit fonnt hunn, fir sech ëmstellen. Ech hoffen, datt mer domadder da laang genuch Delaie ginn hunn.

An da komme mer zu deem leschte Volet, dem Volet Gléckspill. An do muss ech soen, datt et wierklech noutwendeg ass, datt mer net nëmmen dat heite Gesetz huelen, mee generell nach eng Kéier iwwert dee Volet vum Gléckspill hei zu Lëtzebuerg schwätzen, well et ass eng Tatsaach, datt mer hei zu Lëtzebuerg 2.000 - Pi mol Daum - illegal Glécksspillbornen a Cafée stoen hunn. Am Moment kënnen déi net benotzt ginn, mee soubal d'Caféen erëm opginn, kënnen déi erëm benotzt ginn. Also, mir hu ronn 2.000 illegal Glécksspillbornen hei, déi da forcement och net kontrolléiert ginn, wou mer net wierklech eppes géint d'Suchtverhale maachen, wou mer dann och deementspreechend nëmmen d'Steieren op de Profitter kréien, awer net op dem Gléckspill, keng Glécksspillsteier. Ech mengen, datt mer hei wierklech nach eng Kéier mussen aktiv ginn.

D'Lëtzeburger Gesetzgebung ass duerch d'Benotze vum Internet aktuell ganz liicht ze ëmgoen, well Glécksspill, déi vun engem anere Land aus als legal Aktivitéit bedriwwen ginn, net kënnen zu Lëtzebuerg verbuede ginn. An och do musse mer usetzen, och do musse mer mat eise Partnerlänner Léisunge fannen. A mir hoffen, datt d'Justizministesch sech dann an noer Zukunft domat beschäftege wäert, fir d'Glécksspilllegislatioun hei zu Lëtzebuerg ze verbesseren, well hei ass aktuell an eisen Aen e Lach, wouduerch d'Geldwäsch an d'Finanzéierung vun illegalen Aktivitéiten awer iergendwéi kéinte méiglech gemaach ginn an dat mer onbedéngt sollten zoumaachen, fir hei guer net eréischt an d'Laberenten ze kommen.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Lëtzebuerg brauch eng gerecht Finanzpolitik mat transparenter Virgaben a Kontrollen an eng Finanzplaz, déi modern an zugläich fair ass. All Schrëtt, deem et de Kriminelle méi schwéier mécht, fir hire Macheschaften nozegoen an hei am Land Geld iergendwéi wëlle wäisszewäschen, fënnt duerfir eis Ennerstëtzung. Duerfir gi mer den Accord.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Fir d'éischt géif ech gären dem André Bauler Merci soe fir säi ganz detailléierten, exzellente Rapport, de mëndleche Rapport hei an de schréffleche Rapport, a fir seng Aarbecht spezifesch op deem heite Punkt an de leschte Wochen, fir dass mer haut hei prett sinn, fir dat kënnen ze stëmmen. Dat war ganz wichteg.

Mir hunn dat den 20. Dezember deposéiert als Regierung an elo si mer Mëtt Februar. Dat ass jo awer och nach rapid. Mee mir haten awer ganz vill Sëtzen. Ech kommen herno op e puer Punkten ze schwätzen.

Ech profitéieren, an ech maachen eng kleng Klammer op, fir dem Här Arendt Merci ze soe fir d'Konvention Russland, well ech dat virdu vergiess hat. Dat war och en exzellente Rapport. Merci!

Hei ass e Projet de loi, dee mer elo hoffentlech gläich hei unhuelen zesummen, deem en fait verschiddene Kriticken oder Remarken oder Kommentaren Rechnung dréit, déi de GAFI eis gemaach huet an der Preparatioun vun där Evaluatioun, déi am Laf vun dësem Joer wäert sinn. An ech muss lech soen, eppes, wat elo net vill diskutéiert ginn ass, mee wou ech awer wëll mam Fanger drop weisen, ass de Punkt vun de Comptes numérotés oder Coffres-forts numérotés.

Do gesi mer, wéi mir iwwert d'Joerzénngen en fait mat esou engem Sujet ëmgaange sinn. Ech muss lech éierlech soen, wéi meng Ekipp mer gesot huet: „Mir mussen och nach eppes do bei de Compte-numérotée maachen“, do hunn ech gesot: „Wéi dann? Dat gëtt et jo net méi!“ Dach, dat gëtt et nach, mee d'Identitéit ass bekannt. Dat heescht, an der Praxis hu se keen Effet méi, mee et gëtt et nach. An ech mengen, dat war en État d'esprit, dee während Joerzénngen hei zu Lëtzebuerg geherrscht huet, fir ze soen: „Jo, mee et ass jo elo an der Rei, mir hunn dat elo pragmatesch geléist!“

Eh bien, enger Institutioon wéi dem GAFI geet dat net duer! An da kënnen mir nach esou vill erklären, wéi mer wëllen - „Jo, jo, jo, mir hunn dat nach, mee dat spillt net méi richteg“ -, dat geet deenen net duer!

An ech muss lech soen, wann ech dat viru fënnef oder zéng Joer, wéi ech Minister gi sinn, am Bléckwénkel gehat hätt an ee mer dat gutt erkläert hätt, dann hätt ech déi Compte-numérotée schonn 2014 ofgeschaaft.

Elo maache mer dat an ech soe mer: „Firwat hu mer dat net méi fréi gemaach? Firwat hunn ech et selwer net gemaach? Firwat huet dës Regierung et net gemaach? Firwat hu mer et och scho laang vir-drin net gemaach?“ Mir maachen eis doduerch d'Liewe méi komplizéiert, well wat esou Institutione wéi de GAFI kucken, dat sinn d'Texter. Si kucken och d'Pratique, mee se kucken och d'Texter. An een, deem eis schlecht wëllt, kuckt déi Artikele vum OpenLux, déi kéinten och esou eppes erausfëschen a soen: „An déi hunn nach ëmmer Compte-numérotéien zu Lëtzebuerg!“ An dann ass een erëm am Zuchzwang fir ze explizéieren: „Jo, mee den Titulaire ass bekannt!“, an esou weider. Mir mussen doranner changéieren. Dat si mer amgaangen hei ze maachen.

Ech sinn iwwerzeegt, dass mer där Sujeten nach eng Rëtsch wäerte fannen an Zukunft. An do wär ech frou, wa mer all deem État d'esprit, dee mer haut och hei hunn, well jo d'grouss Majoritéit deem Text hei ënnerstëtzt, wa mer dat esou konsequent géife weidermaachen.

Deen Text hei setzt eis méi konform par rapport zu de GAFI-Recommandatiounen an an engems zu den zwou Direktiven AMLD IV an AMLD V vun der EU. Dat ass eng gutt Saach! Mir renforcéieren den Échange d'informations entre autorités de contrôle, dat ass och gewënscht an néideg. Mir maache Saache fir d'Activ-virtuellen a mir breeden de Krees aus fir d'Honorabilitéit fir Personnes physiques, déi mat Actifs virtuels handelen. Dat ass ganz gutt.

Accessoirement hu mer hei e Brexit-Artikel dran, well deem Nummerekont, deem huet mat där heiter Thematik näischt ze dinn, mee deem ass drakomm, well mir hu missen e Gesetz hunn, dat séier ka gestëmmt ginn an dat mer vir-drin net konnten deposéieren, well mer hu misse waarden, wéi d'Enn vun der Transitionphas an déi nei Accord mat dem Vereenegte Kinnekräich géifen ausgesinn, an dat ass jo eréischt Chrëschttag vum leschte Joer geschitt. An déi sechs Méint Verlängerung, déi mer hei maachen, dat ass equivalent zu deem, wat aner Länner maachen - Klammer zou zum Brexit.

Zwou Froen, déi och nach am Raum stinn an déi vum Deputéierte Laurent Mosar gestallt gi sinn: Ech si frou, dass mer eng pragmatesch Léisung fonnt hunn, fir ze evitéieren, dass d'Honorabilitéit duebel kontrolléiert gëtt. Do hu mer eng pragmatesch Léisung fonnt an dofir e Merci un all déi, déi doru geschaff hunn. An dat Zweet ass, mengen ech, eng ganz legitim Fro: Mir musse warscheinlech méi an der Déift d'Responsabilitéiten an d'Definitioun vum Administrateur an d'A faassen. A mir wäerten dat als Ministère maachen, an dat an engem Dialog mat der Commission des Finances, well mer jo vill Administrateuren zu Lëtzebuerg hunn a mer dat musse klarifiéieren. Ech mengen, dat misst all Mënsch berouegen.

Zum Ofschloss: Déi Zuelen, déi d'Deputéiert Josée Lorsché ginn huet, schwätze fir sech selwer, wat d'Ampleur vum Blanchiment ass. An dofir ass et net nëmme wichteg fir eis Reputatioun a fir eis Conformatéit zu de Reegelen, dass mer dat maachen, mee mir sinn eis dat och schëlleg, well mir mussen derfir suergen, dass de Blanchiment nach ganz staark reduzéiert gëtt, weltwäit an en particulier an Europa.

Dir gesitt unhand vun den Zuelen, déi d'Madamm Lorsché zitéiert huet, dass en fait de Blanchiment an Europa manner héich ass am Prozentsaz par rapport zum PIB, well Europa hei un der Spëtzt ass am Kampf géint de Blanchiment. A Lëtzebuerg ass mat Europa zesummen un der Spëtzt, fir dat ze maachen.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Finanzminister Pierre Gramegna. D'Diskusioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7736. Den Text steet am Document parlementaire 7736<sup>3</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7736 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un.

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

#### (Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dës Projet de loi mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Abstentionen ugeho.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Georges Mischo), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par M. Aly Kaes), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen);*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Max Hahn), MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 11. 7746 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 12 mai 2020 portant adaptation de certains délais en matière fiscale, financière et budgétaire dans le contexte de l'état de crise

Mir kommen elo zum Projet de loi 7746 iwwert d'Upassung vu verschiddenen Delaieen am Steuer-, Finanz- a Budgetsberäich. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech ginn d'Wuert un de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

■ **M. Guy Arendt** (*DP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei dësem Projet de loi geet et drëm, fir verschidden Delaieen am Kader vun der Covidpandemie ze verlängeren. Méi genee gesäit dës Gesetzesprojet vir, datt verschidden Delaie bei de Steiere solle verlängert ginn.

Dir erënnert lech, mir haten am Mee 2020 e Gesetz an deem Sënn och scho gestëmmt. Dëst Gesetz vun 2020 soll mat dësem Projet de loi ofgeännert ginn, fir der aussergewöhnlecher Situatioun vun der Coronakris weider Rechnung ze droen. Vill vun de Mesuren, mat deene mir eis haut beschäftegen, ware schonn am Kader vum Covidtext am Dezember, méi genee den 21. Dezember, hei annoncéiert ginn.

Wat d'Dispositiounen selwer betrëfft, gesäit de Projet de loi vir, datt d'Personnes physiques eng weider Frist beim Depot vun der Steuererklärung vun 2019 kréien, an dat bis op den 31. März 2021. Dëst gëllt fir d'Steuererklärung vun der Akomessteuer an dem Impôt commercial vun de Personnes physiques.

Wat d'Steuererklärungen vun 2020 betrëfft, geet et bei dësem Projet de loi drëm, fir den Delai vum Depot vun der Steuererklärung vun de Personnes physiques an de Personnes morales op den 30. Juni 2021 no hannen ze réckelen.

Des Weidere gëtt bei de physesche Persounen den Delai verlängert, deem d'Steuerverwaltung engem Kontribuabelen accordéiere ka beim Depot vun der Erklärung vun der Akomessteuer an dem Impôt commercial vum Joer 2020, an dëst bis op den 31. Dezember 2021.

D'Conjointen, déi kollektiv besteiert ginn, wäerte bis den 30. Juni 2021 decidéiere kënnen, ob se anstatt vun enger Kollektivbesteuerung op eng Individualbesteuerung zrëckgräife wëllen.

E leschte Punkt vum Projet de loi betrëfft de Report vum Delai, fir fir de Prélèvement libératoire optéieren ze kënnen. Hei ass den Delai op den 30. Juni 2021 festgeluecht.

Här President, de Staatsrot huet a sengem Avis vum 26. Januar 2021 notéiert, datt de Gesetzesprojet de Paragraf 152 vum Gesetz vun 1931 iwwert d'Abgabenordnung net ofännert. De genannte Paragraf seet, datt d'Remboursementsdemandé fir d'Steieren den 31. Dezember vum Joer nom Deklaratiounsjoer eragereecht musse sinn an datt hiert Urecht no dësem Datum verfält.

Et kéint also de Fall antrieden, datt de Kontribuabelen, dee seng Steuererklärung vun 2019 ab dem 1. Januar 2021 erareecht an nom Dekont Urecht op e

Remboursement hätt, dës Remboursement net afuerdere kéint. Par contre, am Fall wou nom Dekont nach Steiere geschëllt wieren, missten dës nach ëmmer bezuelt ginn.

Mir krute vu Beamten aus dem Finanzministère an der Sitzung vun der Cofibu (ndlr: Commission des Finances et du Budget) erkläert, datt de Paragraf, op dee sech de Staatsrot bezitt, net déi regulär Remboursementer betrëfft, déi beim Dekont vun engem Steuerjoer vun engem Kontribuabele feststellt kéinte ginn. Dës Paragraf handelt iwwer e ganz spezifesche Fall, wou et zu engem Remboursement vun der Steiervverwaltung kënn, well de Kontribuabelen zu Onrecht besteiert gouf. No dësen Erklärungen huet d'Kommissioun beschloss, datt een der Propos vum Staatsrot net nokomme géif.

Mir hunn och den Avis vun der Handelskummer vum 26. Januar (veuillez lire: vum 19. Januar) virleien. Si begréisst de Projet, mee hätt sech eng automatesch Verlängerung vun den Delaie bei de Personnes physiques a morales gewënscht. Si hätt sech och erwaart, datt d'Delaie fir Steuererklärungen vun 2020 méi spët am Joer antriede géifen.

Eng lescht Remark vun der Chambre de Commerce betrëfft déi indirekt Steieren. Si stellt fest, datt dës Gesetzesprojet an deem Kontext näischt virgesäit.

D'Chambre des Métiers begréisst de Projet de loi an hirem Avis vum 17. Januar 2021, deem der sanitärer a wirtschaftlecher Situatioun Rechnung dréit.

Här President, dat gesot bleift mer nach just, lech all, Kolleeginnen a Kollege, Merci ze soe fir d'Nolauschten. An ech ginn am Numm vun der DP-Fraktioun den Accord zu dësem Gesetzesprojet.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An ech soen dem Här Rapporteur Guy Arendt Merci.

An ech ginn d'Wuert direkt un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Gilles Roth.

#### Discussion générale

■ **M. Gilles Roth** (*CSV*).- Merci, Här President. Ech kann dat kuerz maachen. De Rapporteur, de Guy Arendt, deem ech duerfir ausdrécklech am Numm vun eiser Fraktioun Merci soen, huet dat ganz konzis an einfach erkläert. Mir kruten och nach zousätzlech Erläuterungen d'lescht Woch, mengen ech, vun de Beamte vun der Steiervverwaltung, déi dat pragmatesch uginn an och am Interessi vun den eenzelne Steuerzueler.

Dat fanne mer richteg, well et komme covidbedéngt natierlech eng Rei Problemer. Mir haten zum Beispill deem opgeworf, wa Leit en Appartement an enger Kopropriétéit hunn. Dir wësst, dass an enger Residenz déi Kopropriétéitsgeneralversammlungen och iwwert de Computer, fir dat emol esou ze soen, gemaach ginn an dass et da schwéier ass, dass déi Leit da fristgerecht ëmmer déi néideg Pièce fannen, déi se musse bei hir Steuererklärung bäileeën.

Generell gesot soe mer dem Guy Arendt Merci a mir wäerte selbstverständlech dësem Projet eis Zoustëmmung ginn.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Roth. An da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här Dan Biancalana.

■ **M. Dan Biancalana** (*LSAP*).- Merci, Här President. Ech wëllt dem Rapporteur Merci soe fir säi schréfflechen a mëndleche Rapport a ginn hei och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Biancalana. An da geet d'Wuert un déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Och déi gréng Fraktioun seet dem Här Guy Arendt Merci a gëtt den Accord.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Lorsché. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kann hei just eisen Accord derfir ginn, well et ass wichteg, datt mer hei de Leit Rechtssécherheet ginn. An ech mengen, dat ass wichteg, duerfir maache mir dat och.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierter, merci fir de Support, deem Der hei dësem Projet gitt. Andeem Der dat maacht, hëlleft Der villen eenzelne Leit, villen Entreprises, Dir hëlleft der Ekonomie, Dir hëlleft dem Land. An dat ass dat, wat mer an dëser Zäit brauchen, an dofir soen ech Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools dem Här Finanzminister Pierre Gramegna. D'Diskusioun ass ofgeschloss.





Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7746. Den Text steet am Document parlementaire 7746<sup>4</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7746 et dis-pense du second vote constitutionnel**

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wellen e Vote par procuration ofginn.

**(Appel nominal pour votes par procuration)**

Domadder ass dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7746 est adopté à l'unanimité des 58 votants.*

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Léon Gloden), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Georges Mischo), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par M. Aly Kaes), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. Max Hahn), MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

**12. Motion de M. Gilles Roth relative à la fixation du taux de l'intérêt de retard à 0,3 % par mois**

**(Motion déposée en séance publique n° 34 du 7 mai 2020 - à consulter au compte rendu n° 16/2019-2020 en page 541)**

Als nächste Punkt um Ordre du jour kënn d'Motioun vum Här Gilles Roth iwwert d'Intérêts de retard, déi pro Mount op 0,3 % solle festgeluecht ginn. An ech géif dem Här Roth als Auteur vun der Motioun d'Wuert ginn. Här Roth, wannechgelift.

**Exposé**

■ **M. Gilles Roth** (CSV), *auteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et ass eng Motioun, wéi Der richteg sot, déi eigentlech schonn zrëckgeet op de 7. Mee vun dem leschte Joer.

Ech erklären lech kuerz, ëm wat et dodra geet. Et geet eigentlech drëms, dass den Taux d'intérêt, dat heescht den Zënssaz, deem ee muss bezuelen als Privatpersoun oder als Entreprise, wann een an de Steieren hannendran ass, dat heescht, wann een nach Steieren ze bezuelen huet, dass dee vun 0,6 % de Mount op 0,3 % de Mount soll erofgesat ginn.

Elo frot Der: „Firwat?“ Majo, well 0,6 % de Mount, dat entsprécht engem Taux annuel, deem d'Banken am Normalfall och bei lech applizéieren, vu 7,2 %. Also dat ass net näischt! Duerfir froe mir, fir deem op 0,3 % de Mount, dat heescht op 3,6 % pro Joer, erofzesetzen.

Firwat maache mer dat? Well mer fannen, dass deem Taux d'intérêt einfach ze héich ass! Deen Taux d'intérêt ass ze héich, well een engersäits, wann een dem Staat Avancen ze bezuelen huet op de Steieren oder wann een den Dekont vun de Steiere kritt huet, muss 7,2 % Zënse bezuelen, an anerersäits seet de Staat: „Majo, mir kënnen“ - wéi se dat am Mee d'lescht Joer gemaach hunn - „Sue léine goen zu engem negativen Taux.“ Dann ass et och nach esou wäit, dass, wann de Staat engem Suen zrëckzebezuelen huet à titre vu Steieren, wann een zum Beispill Avancen ze vill bezuelt huet, da kritt een iwwerhaapt keng Zënse dorobber zeguttgeschriwwen.

An ech muss soen, mir waren och e bëssen erféiert, wéi mer dem Finanzminister viru 14 Deeg an der Kommissioun d'Fro gestallt hunn, opgrond vun den aktuellen Diskrepanze vun den Zënssätz zwëschent zum engen deem, wat de Staat bezilt, wann e Sue léine geet, an nach ëmmer deene 7,2 %, déi en de Leit freet um Niveau vun de Steieren, ob hien der

Meenung wier, dass dat nach verfassungskonform wier. Well an Däitschland, do si se zum Beispill highangen ..., do huet d'Fro vun der Verfassung sech gestallt, obschonn déi Däitsch en Taux hunn, dee bei 5 % läit oder bei 6 %, dat heescht, dee weesentlech ënnert eisem läit.

Ech wëll do e puer Saachen derzou soen.

Dat Éischt ass: Dat Ganzt ass bei eis effektiv schonn zënter 1967 duerch den Artikel 155 an dem Steiergesetz vun der Akommessteier gereegelt. Deen Artikel gesäit vir, dass am Prinzip 1 % - lauschtert gutt no, 1 %! - de Mount kéint gefrot ginn, awer déi Bestëmmung gesäit och vir, dass een deem Taux vun 1 % iwwer e Règlement grand-ducal kann erofsetzen.

Elo ass et esou, dass deem Taux vun 0,6 % effektiv an dem Joer 1998 festgesat gouf. Et muss een awer wëssen, dass deem Taux vun 0,6 % e sougenannte Säumniszuschlag ass. Wat heescht dat? Ma engersäits gëtt de Staat entschiedegt, well en déi Sue méi spéit erakritt, anerersäits soll et awer och eng gewësse Sanktioun sinn, fir dass de Steierzueler och incitéiert gëtt, fir dat ze bezuelen.

A wann een e bësse kuckt, wat dann Auteurs geschriwwen hunn, ënner anerem e fréiere Steierdirekter, de Jean Olinger, deem huet an enger Étude fiscale vun de KolleegInnen mat grousssem „I“ vun deene Grénge gesot, et misst een ëmmer faktebaséiert schwätzen. Abee, dat maachen ech hei an ech zitéieren lech dann aus engem Ouvrage vun den Étude-fiscallen aus dem Joer 1998, dat kennt de Finanzminister, « Les prélèvements pécuniaires accessoires en matière d'impôts directs », wou een dann no laangen Developpementen zur Konkusioun kënnt, lauschtert gutt no: « de toute manière, le taux sera supérieur au taux légal qui peut servir néanmoins de repère. »

Bon, Fakt ass, dass den Taux légal vun de Steieren - den Taux légal, esou wéi e vun dem Staat festgesat ass - zënter 2019 am Dezember op 2 % läit. 2 %! Dat heescht am Kloertext: Den Taux légal ass 2 % an dat, wat de Staat bei Steiere freet, ass 7,2 %. Dat ass also bal 3,5-mol méi wéi den Taux d'intérêt légal! Dat heescht am Kloertext: Wann der um Geriicht zu enger Zomm Sue condemnéiert gitt, sief dat vum Staat ..., oder Dir hutt de Staat, vun deem Der d'Suen zegutt hutt, verklot, da kritt Der op déi Zomm, de Principal, en Zënssaz vun 2 %. Hei bezuelt Der um Niveau vun de Steieren 3,5-mol méi - 3,5-mol méi!

Mir sinn der Meinung, dass dat disproportionéiert ass, dat heescht, et ass einfach net verhältnisméisseg, well d'Leit awer, wa se e gewëssen Ausstand u Steieren hunn, do séier eng grouss Zomm vun Zënse ze bezuelen hunn.

Et geet och nach méi wäit: Et ass esou, dass, opgrond vu verschidden Auteurs, zrëckbehale gëtt, dass deem Zënssaz en Deel vun der Steuer selwer ass. Firwat? Ma well, fir déi Suen anzedreiwen, och sämtlech staatlech Garantien a Privilegien zielen. Dir kënnt och eng sougenannt Remise gracieuse froen. Or, wann ee seet, et ass en Deel vun der Steuer, dann dierft, eiser Meinung no, deem Taux net méi duerch e Règlement grand-ducal festgesat sinn, mee e misst och an dem Gesetz selwer stoen.

Ech ginn lech och e konkreet Beispill: Am Artikel 118 hutt Der de Barème vun de Steiere stoen. Do ass et net esou, dass de Barème e Maximum vu Steieren ass, mee et ass ganz einfach déi Steuer, déi ka gefrot ginn, net méi an net manner.

Firwat ass et disproportionéiert? Mee disproportionéiert ass et, well wéi deem Taux vun 0,6 % de Mount - oder ëmgedréit, mol 12: 7,2 % d'Joer - festgesat gouf, du war den Taux d'intérêt légal am Joer 1998 - nu lauschtert gutt no! - bei 6,25 %. Dat heescht, den Taux, dee bei de Steiere festgesat gouf, dee war deemools 0,95 % méi héich wéi den Taux légal.

An ech hu virdru gesot: Hei ass en net 0,95 % oder 1 % oder 2 % méi héich, mee en ass 5,2 % méi héich, dat heescht e Multiple vun 3,5! An ech soen lech ganz éierlech, dat fanne mer net verhältnisméisseg. Den Taux ass och net formell duerch d'Gesetz, mee duerch e Règlement grand-ducal festgesat.

An aus all deene Grënn plädéiert d'CSV-Fraktioun an hirer Motioun duerfir, dass deem Taux halbéiert gëtt. Wa Leit e Steierréckstand hunn - sief dat um Niveau vun den Avancen, sief dat um Niveau vun enger festgesater Steuer, déi nach ze bezuelen ass -, si mir der Meinung, dass zu de jëtzen Zäite vun der Finanzéierung, och vun der Refinanzéierung vun dem Staat, en Taux vun 3,6 % duergeet. An et ass och dat, woufir mer plädéieren.

An der Finanzkommissioun huet de Minister nach argumentéiert a gesot, jo, mee wann ee géif froen, fir en Delai op véier Méint ze kréien, da géif een dat och kënne méi laang stunden an et géif een do keng Zënse droop bezuelen. Dat ass eigentlech e falsche Problem.

De Problem ass hei deem: Wat fir een Zënssaz applizéiert de Staat, wa Steierréckstänn do sinn? An

deen Zënssaz muss am Verhältnis sinn zu der aktueller Zënsgesetzgebung an zu der Zënslaascht, déi generell applizéiert gëtt. A mir fannen, dass dat an dësem Fall net verifizéiert ass, an duerfir wiere mer frou, wann dës Motioun géif eng large Zoustëmmung fannen.

Ech soen lech villmools merci.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Roth.

An als éischte Riedner huet den Här André Bauler d'Wuert gefrot.

**Discussion générale**

**(M. André Bauler se déplace vers le pupitre.)**

■ **M. André Bauler** (DP).- Merci, Här President. Et ass besser, ech kommen heihinner, da kann een d'Mask och ofdoen.

Merci, Här Roth, fir all Är Erklärungen an och Är Meinung an Éieren. Ech sinn heihinnerkomm, fir nach eng kéier als President vun der Cofibu op d'Erklärunge vum Minister anzegoen. De Minister huet eis sai Standpunkt en date vum 1. Februar en long et en large duergeluecht, dat och a Presenz vun der Steierverwaltung, der Administration des contributions directes, notamment d'Madamm Direktesch war jo och present.

Et muss een dat Ganzt och kontextualiséieren. Et muss een emol virun allem soen, dass d'Steierverwaltung de Moment ganz tolerant, ganz kulant ass. Mir hunn elo just e Projet adoptéiert, wou mer d'Delaien allongéieren, wou mer de Leit wierklech entgéintkommen, ob se an Nout sinn oder net.

D'Steierverwaltung huet eis och gesot, dass se bei de Réckstänn jiddefalls ëmmer Fall fir Fall kuckt, dass se och déi eenzel wirtschaftlech Situatioun, sozial Situatioun souguer vun de Betriber kuckt. Esou si mer gewuer ginn, dass am Kontext vun der Horeca souwisou all Avancen ausgesat sinn an dass och ëmmer all Betrib sur demande motivée, wéi d'Steierverwaltung eis dat gesot huet, en Aussetze vun Avancé froe kann. Dat just fir de Kontext.

Mir waren do den Dag viru Liichtmëssdag an dunn ass eis e Liicht opgaangen. Firwat? Ma well den Här Minister eis gesot huet, dass een déi 0,6 % an hirem Kontext muss kucken - net nëmmen deem, deem ech virdrunner beschriwwen hunn, mee virun allem och de Kontext, dass déi 0,6 % net direkt applizéiert ginn.

En huet eis gesot, dass mer do an enger Logik si vun Echelonement, wann een dat esou soe kann, beziungsweis dass mer, mathematesch geschwat, an enger Fonction d'escalier sinn. Wat heescht dat konkreet? Ma dat heescht: Wa bis eng Prozedur declenchéiert ass, dass ee misst Zënse bezuelen, well ee Réckstänn huet, an et keng Ursach gëtt, fir déi nach weider an d'Längt ze zéien, da gëllen déi éischt véier Méint eigentlech nach ëmmer 0 %. Et gëtt een net bestrooft. Vum véierte Mount bis den zwielefte Mount géif een dann 0,1 % pro Mount bezuelen; vun zwielef Méint bis dräi Joer géif een dann 0,2 % bezuelen an à partir vun dräi Joer, wou déi Prozedur leeft, géifen eréischt déi 0,6 % spillen.

Déi 0,6 % par mois, iwwregens sinn dat méi wéi 7,2 % pro Joer, liicht méi, ech hunn elo just déi kleng Opération de mathématiques financières gemaach, mee dat ass nach en aneren Aspekt. Déi 7,2 oder 7,4 % souguer pro Joer gräifen also eréischt nom drëtte Joer, se gräife relativ spéit, an déi 0,6 % hunn als Zil, dissuasiv ze sinn. Dat ass dat, wat en eis gesot huet, den Här Minister, wéi e bei eis war. En huet dat och nach an de Contexte bancaire gesat, financier, well en eis gesot huet, dass bei engem Dépassement vun engem Konto elo nach méi wéi 10 % Scholdzënse géife spillen.

Duerfir géif ech proposéieren, dass mer déi Motioun hei net géife stëmmen.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Bauler. Ass nach een, deem d'Wuert zu dëser Motioun wéilt ergräifen? Den Här Sven Clement, dann den Här Fernand Kartheiser. Här Clement, wannechgelift.

■ **M. Sven Clement** (Piraten).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, déi Motioun hei huet e grouss Meritt, dat ass, dass se en Zënssaz, deem an anere Secteuren hautdesdaags einfach net üblech ass, géif no ënne revidéieren. An ech mengen, aleng dat sollt eis ze denke ginn.

Ech hu mech allkéiers gewonnert, wann ech vun deenen Zënse liesen, déi beim Staat op Steieren applizéiert ginn, op Steierretarden. Jo, déi sinn direkt geschëllt, mee deem Zënssaz ass einfach demesuréiert par rapport zu deem, wat am Moment um Marché un Zënse ze bezuelen ass. An deementsprechend denken ech, dass een hei sollt déi Motioun stëmmen. Et ass eng Entlaaschtung. Et ass eppes, wat deene Betreffene géif hëllefen.

Och wann et do ganz vill Latitude am Moment gëtt, ass dat heiten eppes, wou ee sech generell sollt d'Fro stellen: Misst een deem Zënssaz net un en internationale Standard upassen, esou wéi dat

deelweis an anere Länner gemaach gëtt - Interbank plus x respektiv Euribor plus x? Dat wäre Mesuren, déi mir ganz géifen ënnerstëtzen, well einfach un engem starren Zënssaz an engem dynameschen Zënsemfeld festzehalen, ass an eisen Aen awer dach e bëssen ze simplistesesch. An et géif eis wierklech gutt zu Gesiicht stoen, hei eppes ze hunn, wat méi flexibel wär an och dem Marché géif entsprechen.

Merci.

■ **M. Marc Goergen** (Piraten).- Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Clement. An da geet d'Wuert un den Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, Här President, villmools merci. Ech wéilt emol domat ufänken, fir der CSV, besonnesch dem Här Roth, Merci ze soe fir d'Initiativ a fir deem Text, dee se eis presentéiert huet. Ech wëll och dem Här Roth ausdrécklech soen, dass säin Exposé brillant war a faktebaséiert. Dat ass dat mannst, wat ee kann dozou soen! Ech mengen, e wor och ganz komplett a ganz iwwerzee-gend.

Et sinn e puer Aspekter, déi een onbedéngt muss berücksichtegen. Et ass wouer, jo, dass d'Leit kënnen en Delai froen an dass dann an deenen éischte puer Méint do déi Zënse net ufalen. Mee weess jiddwereen dat? Ech mengen, déi Leit, déi do an där Situatioun sinn, dat sinn dacks Leit, déi elo net gewinnt si mat der Steierverwaltung oder vill administrativ Demarchen ze maachen. An dat huet schonn eng sozial Dimensioun och. Wéi ginn déi Leit dorobber opmierksam gemaach, vläicht och vun der Steierverwaltung, wa se an där Situatioun sinn? Ass do en Automatismus, ass do keen? Op jidde Fall ass schonn e Problem do. Wéi ee Contribuabel weess dat do? Natierlech, d'Firmen oder d'Fiduciairen, déi kënnen dat maachen, mee déi einfach Leit?

Dat Zweet ass déi kloer Disproportioun, an den Här Roth huet dat ganz laang a ganz gutt erkläert, tëschent dem Zënssaz, dee gefrot gëtt, an dem Taux légal. Do ass effektiv eng gravéierend Disproportioun. An en huet erkläert, dass et do historesch och e groussen Ënnerschied gëtt.

Dann ass et eng Fro vu Gerechtegkeet. Wann de Staat selwer net de Leit dee selwechten Zënssaz bezilt, ass et ganz schwéier moralesch ze vertrieden, dass et ëmgekéiert iwwer 7,2 %, 7,4 % Zënse géifen ufalen. Ech mengen, da muss de Staat sech och d'Fro stellen, ob en net selwer de Leit méi schëllegt wéi just dat, wat en am Abléck erëmgëtt oder bezilt. Eng Steierschold, eng Schold muss dann an déi zwou Richtungen awer gerecht an d'selwecht behandelt ginn. Oder huet den Här Minister eng Erklärung, firwat dat net esou sollt sinn?

Op jidde Fall, wann een déi hei Situatioun kuckt an och d'Beispiller am Ausland, an Däitschland oder op anere Plaze mat de „Verzugszinsen“, da mierkt een, dass hei kloer en Ongläichgewiicht besteet. A meng Fro un den Här Minister ass och: Wat bréngt déi Moossnam iwwerhaapt am Abléck pro Joer? Wat kënnt eran u Suen duerch déi 7,2 % oder 7,4 % Scholdzënse? Fir dass mer och do emol eng kéier eng Gréisstenuerdnung kennen.

Mee all déi Argumenter gekuckt, den Argumentaire vum Här Roth evaluéiert, dat géif mir kloer soen, dass mir dat och ënnerstëtzen an och d'Regierung opfuere-den, deem Zënssaz no ënnen ze revidéieren.

Villmools merci!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Kartheiser. An da ginn ech d'Wuert un den Här Claude Haagen.

■ **M. Claude Haagen** (LSAP).- Jo, merci, Här President. Ech mengen, no den Explikatioune vum President vun der Finanzkommissioun, deem a sengen Erklärunge perfekt war, well genau esou stellt et sech duer, wäerte mir dës Motioun net matdroen, well ganz einfach och den Delai an deem Gesetzes-text virdru scho verlängert ginn ass. A wa mer hei kucken, dass trotzdem no dräi Joer, esou wéi et an der Motioun steet, de „plein taux“ spilt, dann hu mer mat de Verlängerunge véier Joer. Elo kann een ëmmer driwwer diskutéieren, wat fir een Taux dass een dann applizéiert, mee ech mengen, den Hauptpunkt an dëser Diskussioun ass, dass et eng dissuasiv Iwwerzeegung soll sinn, fir dass d'Leit hir Steiererklärung eraginn, fir dass se dat solle maachen.

Ech mengen, dëst Joer an d'lescht Joer ass den Delai verlängert ginn iwwert dee Projet de loi, dee mer elo nach eng kéier virun zéng Minutte gestëmmt hunn. An ech wollt dem Här Kartheiser awer soen: Wann ee seng Steiererklärung ofgëtt an et kritt een den Dekont do, wat een ze bezuelen huet, do steet de Montant, wiwill dass ee muss nobezuelen, mam Taux souguer drop.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Haagen. An da war den Här Finanzminister vum Här Kartheiser ugeschwat ginn.

**(Interruptions)**